

D'Veräinsliewe verbënnt!

Eis Veräiner aus dem Kultur- a
Fräizäitberäich stelle sech vir

La vie associative crée du lien !

Nos associations culturelles et
de loisirs se présentent

Local associations connect!

Meet our cultural and leisure
associations





Virwuert / Préface / Preface	4
-------------------------------------	----------

Fotoclub Schëtter CPS	5
------------------------------	----------

Club des Jeunes Schëtter	6
---------------------------------	----------

Lëtzebuerger Rousefrënn	8
--------------------------------	----------

Gaart an Heem	10
----------------------	-----------

Amicale Neihaischen	12
----------------------------	-----------

Elterevereenegung Schëtter	14
-----------------------------------	-----------

DIGHSE	16
---------------	-----------

Schëtter Theaterfrënn	18
------------------------------	-----------

Fraen a Mammen – Schëtter	20
----------------------------------	-----------

Les Castors Schëtter	22
-----------------------------	-----------

Cercle Avicole Schuttrange	24
-----------------------------------	-----------

Schëtter Gesank	26
------------------------	-----------

Schëtter Jugendhaus	28
----------------------------	-----------

Luxembourg Allergy Network (LAN)	30
---	-----------

Schëtter hëlleft	32
-------------------------	-----------

Schëtter Musek	34
-----------------------	-----------

Schëtter Nössmaart	36
---------------------------	-----------

Amicale Pompjeeën Minsbech-Schëtter	38
--	-----------

Escrime – CE Comeur	41
----------------------------	-----------

Amiperas-Sektioun Schëtter	42
-----------------------------------	-----------

Syndicat des Intérêts Locaux de Schrassig	44
--	-----------

Theaterverein Patchwork	45
--------------------------------	-----------

LU Veräiner aus dem Kultur- a Fräizäit-beräich droen op eng wichteg Aart a Weis zum gesellschaftleche Liewe vun eiser Gemeng bäi. Ob Musek, Handwierkskonscht, Gaardenaarbecht, Ënnerstëtzung vu Mënschen an Nout oder Fräizäitaktivitéiten – si beräicheren eisen Alldag a setze sech mat vill Engagement fir d'Wuel vun eiser Gemeinschaft an.

Entdeckt d'Freed um Veräinsliewen!

FR Les associations culturelles et de loisirs jouent un rôle essentiel dans la vie de notre commune. Qu'il s'agisse de musique, d'artisanat, de jardinage, d'actions solidaires ou d'activités de loisirs, elles enrichissent notre quotidien par leur dynamisme et leur engagement au service de la communauté.

Découvrez la richesse de la vie associative !

EN Cultural and leisure associations play a vital role in the life of our commune. Whether through music, crafts, gardening, charitable initiatives or leisure activities, they enrich everyday life through their commitment and active involvement in the community.

Discover the richness of community life through local associations!

Texter verfaasst vun de Veräiner
Textes rédigés par les associations
Texts provided by the associations

Fotoclub Schëtter CPS

LU De Fotoclub CPS – „Ciné Photo Son Schuttrange“ gouf 1968 gegrënnt an ass Member vun der FLPA an der FGDCA.

De Club huet déi ganz Evolutioun vun der Fotografie a vum Film matkritt, vu schwaarz-wäiss bis faarweg, vum Analoge bis zum haitegen Digitalen. Eng vun den Haaptaktivitéite vum Club ass d'Dokumentatioun vun de verschiddenen Aktivitéite vun de Veräiner an dem ëffentleche Liewen an der Gemeng, wouduerch wäertvollt Material geliwwert gëtt, fir den Archiv vun der Gemeng ze beräicheren.

De Club organiséiert och seng eegen Evenementer, souwuel grouss wéi och kleng, a bitt Ënnerstëtzung fir Retrospektiven a Jubiläen. E puer Memberen huelen un nationalen an internationale Foto- a Video-Concoursen deel.

FR Le club photo CPS – « Ciné Photo Son Schuttrange » a été fondé en 1968 et est membre de la FLPA et de la FGDCA.

Le club a été témoin de toutes les évolutions de la photographie et du cinéma, du noir et blanc à la couleur, de l'analogique au numérique. L'une de ses principales missions consiste à documenter les activités des associations locales ainsi que la vie publique de la commune, contribuant ainsi à enrichir les archives communales.

Le club organise également ses propres événements, petits et grands, et apporte son soutien à la réalisation de rétrospectives, d'expositions et de célébrations d'anniversaires. Certains membres participent à des concours photographiques et audiovisuels.


EN The Photo Club CPS – “Ciné Photo Son Schuttrange” was founded in 1968 and is a member of the FLPA and the FGDCA.

The club has witnessed the evolution of photography and film, from black and white to colour, from analogue to today's digital. One of the club's main activities is documenting the various activities of clubs and public life in the commune, thus providing valuable material to enrich the communal archive.

The club also organises its own events, both large and small, and supports the organisation of retrospectives and anniversary celebrations. Some members participate in national and international photography and video competitions.

Kontakt / Contact

Norbert Behm
T: 621 391 548
E: fotoclub_schetter@pt.lu /
fotoclub.schetter@gmail.com



Bass du op d'mannst
16 Joer al a wëlls nei
Leit kenneléieren a flott
Erfarunge sammelen?
Da bass du bei eis genee
richteg! Mir freeën eis drop,
dech am Club des Jeunes
Schëtter begrüessen ze
kënnen.

Tu as au moins 16 ans et
tu souhaites rencontrer
de nouvelles personnes et
vivre de belles expériences ?
Alors tu es au bon endroit !
Nous nous réjouissons de
t'accueillir au « Club des
Jeunes Schëtter ».

Are you at least 16 years
old and looking to meet
new people and enjoy great
experiences? Then you've
come to the right place! We
look forward to welcoming
you to the "Club des Jeunes
Schëtter".

Kontakt / Contact

E: cjschetter@gmail.com

@ @cjschetter

f Club des Jeunes
Schëtter A.s.b.l.

📍 Place de l'Église
L-5367 Schuttrange



*Ee vun eise beléifsten Eventer
ass d'Sangria-Party. / L'un de
nos événements phares est notre
traditionnelle soirée Sangria. / One
of our most popular events is the
Sangria Party.*

Club des Jeunes Schëtter

LU De Club des Jeunes Schëtter gouf 1982 vu motivéierte Jonken a jonken Erwuessene gegrënnt, mam Zil, d'Jugend ab 16 Joer aus der Gemeng Schëtter zesummenzebréngen an onvergiesslech Momenter ze schafen.

Am Laf vum Joer organiséiere mir zesumme vill flott Aktivitéiten an Evenementer, wéi zum Beispill d'Buergebrennen, d'Ouschtereefierwen an den 1. Mee. Bei eis stinn Zesummenhalt, Frëndschaft a Spaass am Mëttelpunkt. Egal ob bei eisen Aktivitéiten oder gemittlechen Owender – et ass ëmmer eppes lass!


FR Le « Club des Jeunes Schëtter » a été fondé en 1982 par des jeunes et de jeunes adultes motivés, avec pour objectif de rassembler les jeunes de 16 ans et plus de la commune de Schuttrange et de offrir des moments inoubliables.

Tout au long de l'année, nous organisons de nombreuses activités et manifestations, telles que le « Buergebrennen », la décoration des œufs de Pâques et la fête du 1er mai. Chez nous, la convivialité, l'amitié et l'esprit d'équipe sont au cœur de toutes nos activités. Que ce soit lors de nos événements ou de nos soirées conviviales, il y a toujours quelque chose à faire !

EN The "Club des Jeunes Schëtter" was founded in 1982 by motivated youngsters and young adults with the aim of bringing together everyone aged 16 and over from the commune of Schuttrange and creating unforgettable memories.

Throughout the year, we organise a variety of fun activities and events, such as "Buergebrennen", Easter egg decorating, and the first of May celebration. Team spirit, friendship, and having fun are at the heart of everything we do. Whether it's during our events or our cosy evenings, there's always something going on!

Lëtzebuerger Rousefrënn



LU D'Lëtzebuerger Rousefrënn goufen 1980 gegrënnt a setze sech zanterhier fir d'Kultur, d'Passioun an de Patrimoine vun de Rousen zu Lëtzebuerg an. Mir verriede Lëtzebuerg houfreg an der „World Federation of Rose Societies“ (W.F.R.S.). An der „Rosaie Château de Munsbach“ ginn et nei an al Lëtzebuerger Rousenzorten ze entdecken.

Dëse Rousegaart ass den nationale Conservatoire vun de Lëtzebuerger Rousen a kann all Dag ronderëm d'Auer gratis besicht ginn. Entdeckt eisen Engagement fir d'Kultur an d'Erhale vun de Rousen, huelt un eisen Evenementer deel a profitéiert vun eise gäertneresche Rot zu dëser Blumm, déi Schéinheet, Traditioun a Geschicht verkierpert.

FR Fondée en 1980, l'Association des Amis de la Rose s'engage à promouvoir la culture, la passion et le patrimoine des roses au Luxembourg. Nous représentons fièrement le Luxembourg au sein de la « World Federation of Rose Societies » (W.F.R.S.). La Rosaie Château de Munsbach permet de découvrir de nouvelles variétés de roses luxembourgeoises ainsi que des variétés anciennes.

Ce jardin de roses constitue le conservatoire national des roses luxembourgeoises et peut être visité gratuitement à tout moment. Découvrez notre engagement pour la culture et la préservation du patrimoine des roses, participez à nos événements et accédez à des conseils pour cultiver et apprécier cette fleur qui incarne beauté, tradition et histoire.

EN The Luxembourg Rose Society was founded in 1980 and has, ever since, been dedicated to promoting the culture, passion and heritage of roses in Luxembourg. We proudly represent Luxembourg within the World Federation of Rose Societies (W.F.R.S.). Visitors to the “Rosaie Château de Munsbach” can discover both historic and modern Luxembourg rose varieties.

This rose garden serves as the national conservatory of Luxembourg roses and can be visited free of charge every day, at any time. Discover our commitment to the cultivation and preservation of the heritage of roses, take part in our events and benefit from our advice on this flower that embodies beauty, tradition and history.



**Wann d'Rous lech faszinéiert,
da gitt Member vun eisem
Veräin. Egal ob Ufänger
oder scho verséiert am
Gaart, dir sidd häerzlech
Wëllkomm! Bei eisen
Events steet d'Gesellegkeet
am Mëttelpunkt. Duerch
eis Publikatioune gitt Dir
informéiert a kënnt eppes
bäilléieren.**

**Si la rose vous passionne,
rejoignez notre association !
Que vous soyez débutant
ou jardinier confirmé, vous
êtes les bienvenus. La
convivialité est au cœur
de nos événements, et
nos publications vous
permettent de rester informé
tout en enrichissant vos
connaissances.**

**If you share our passion for
roses, join our association!
Whether you are a beginner
or a seasoned gardener, you
are warmly welcome. Our
events focus on community,
and our publications keep
you informed while deepening
your knowledge of roses.**

Kontakt / Contact

Maryse Weirig-Hensel
E: maryse@weirig.net /
rousefrenn@gmail.com

www.rousefrenn.lu

Maacht mat a gitt Deel
vun eisem Veräin, fir
eng schéin Traditioun
weiderliewen ze
loossen, déi zënter bal
engem Joerhonnert zu
der Liewensqualitéit an
zur Dynamik vun eiser
Gemeng bäidréit.

Rejoignez-nous et
participez à faire vivre
une belle tradition
qui contribue, depuis
près d'un siècle, à la
qualité de vie et au
dynamisme de notre
commune.

Join us and help keep
alive a wonderful
tradition that has been
contributing to the
beauty and quality of
life of our commune
for nearly a century.

Kontakt / Contact

Patrick Weyrich
T: 621 350 410
E: weyrichp@yahoo.de

Simone Fischer
T: 621 161 639
E: sfischer@pt.lu

E: ctfshuttrange@
gmail.com

Gaart an Heem

LU Gaart an Heem
Schëtter a.s.b.l.
gouf am Joer 1927
gegrënnt an ass
domadder ee vun
den eelste Veräiner
an der Gemeng
Schëtter. Zënter bal
engem Joerhonnert
engagéiert sech
de Veräi fir d'Freed
um Gäertneren, de
Respekt virun der Natur
an de Schutz vun der
Biodiversitéit.

E feste Rendez-vous
ass den traditionelle
Blummemaart, deem
all Joer vill Gaart- a
Planzefrënn unzitt.
Donieft organiséiert
de Veräin Ausflich,
Kachcoursen, Visite
vu Gäert, de Concours
„Duerf a Bléi“ an nach
vill aner Aktivitéiten,
fir sech an enger
gemittlecher Atmo-
sphär auszetauschen.

Zënter ville Joren
organiséiert Gaart
an Heem och an
Zesummenaarbecht
mat der Gemeng
Schëtter an anere
lokale Veräiner déi
traditionell Mammen-
dagsfeier.

Bei eis am Veräin ass
jidderee wëllkomm,
egal ob erfuerene
Gäertner, Ufänger
oder Naturfrënd,
dee seng Passioun
mat aneren deele
wëll an dat gesellegt
Veräinsliewe schätzt.

Gaart an Heem
Schëtter a.s.b.l. ass
Deel vum CTF (Coin de
Terre et du Foyer).

FR Fondée en 1927,
l'association « Gaart
an Heem Schëtter
a.s.b.l. » est l'une
des plus anciennes
associations de
la commune de
Schuttrange. Depuis
près de 100 ans, elle
œuvre à promouvoir
le jardinage, le respect
de la nature, la
biodiversité.

Parmi les temps
forts de l'année
figure le traditionnel
Marché aux fleurs,
devenu un rendez-
vous incontournable
pour les amateurs
de jardinage et de
plantes. L'association
organise également
des excursions, des
cours de cuisine, le
concours « Duerf a Bléi »,

des visites de jardins ainsi que diverses activités permettant à chacun d'échanger dans une ambiance conviviale.

Depuis de nombreuses années, « Gaart an Heem » a également le plaisir d'organiser, en collaboration avec la commune de Schuttrange et les autres associations locales, la traditionnelle Fêtes des Mères.

Ouverte à toutes et à tous, l'association accueille aussi bien les jardiniers expérimentés que les débutants ou les amoureux de la nature souhaitant partager leur passion dans un esprit de convivialité.

« Gaart an Heem Schëtter a.s.b.l. » est affilié au CTF (coin de terre et du foyer).

EN Founded in 1927, "Gaart an Heem Schëtter a.s.b.l." is one of the commune of Schuttrange's longest-established associations. For almost a century, it has been dedicated to encouraging gardening, promoting biodiversity, fostering respect for nature

and helping to create an attractive and sustainable living environment.

A highlight of the annual programme is the traditional Flower Market, which has become a popular and eagerly anticipated event for gardening enthusiasts and plant lovers alike. Throughout the year, the association also organises excursions, cookery classes, garden visits, the "Duerf a Bléi" competition, and a range of other activities designed to inspire, inform and bring people together in a friendly atmosphere.

For many years, "Gaart an Heem" has also been proud to organise the traditional Mother's Day Celebration in partnership with the commune of Schuttrange and other local associations.

The association welcomes everyone, from experienced gardeners and keen horticulturalists to beginners and nature enthusiasts who simply wish to learn more and share their passion with others.

"Gaart an Heem Schëtter a.s.b.l." is affiliated with the CTF (Coin de Terre et du Foyer).



Amicale Neihaischen

LU D'Amicale Neihaischen a.s.b.l. gouf den 22. Juli 1992 gegrënnt, mam Zil, déi frëndschafftlech Relatiounen tëschent den Awunner vum Neihaischen hierzestellen an ze verdéiwen. Si dréit dozou bäi, gutt Noperschaften opzebauen, ze erhalen an d'Zesummeliewen an eisem Duerf ze verschéineren.

Duerfir organiséiere mir vill Fräizäitaktivitéiten, wéi zum Beispill d'Summerfest, d'Chrëscht dagsiessen, de Meekranz, Keelenowender, Liichtmëssdag fir d'Kanner a vill aner flott Momenter. Mir bedeelegen eis och geleeëntlech un Aktivitéiten an der Gemeng.

Mir treffen eis reegelméisseg op der Nummer 2 an der Rue de la Carrière an eisem Veräinshaus.

FR « L'Amicale Neihaischen a.s.b.l. » a été fondée le 22 juillet 1992 dans le but de nouer et d'approfondir les contacts entre les habitants de Neuhaeusgen. Elle contribue à développer et à entretenir de bonnes relations de voisinage, tout en favorisant la convivialité au sein de notre village.

À ces fins, nous organisons de nombreuses activités de loisirs, telles que notre fête estivale « Summerfest », le dîner de Noël, la fête du 1^{er} mai, des soirées de quilles, la Chandeleur pour les enfants et bien d'autres encore. Nous participons également à diverses activités organisées dans la commune.

Nous nous réunissons régulièrement à notre siège, situé au 2, rue de la Carrière à Neuhaeusgen.

EN The "Amicale Neihaischen a.s.b.l." was founded on 22 July 1992 with the aim of fostering and strengthening ties between the residents of Neuhaeusgen. It helps promote good neighbourly relations and enrich community life in our village.

To this end, we organise a variety of activities, including our "Summerfest", Christmas dinner, May Day celebration, ninepins evenings, a Candlemas event for children, and much more. We also take part in activities organised within the commune.

We meet regularly at our clubhouse, located at 2, Rue de la Carrière, Neuhaeusgen.



Hutt Dir Loscht, bei eis matzemaachen an d'Ziler vun der Amicale ze ennerstetzen? Da sidd Dir bei eis häerzlech wëllkomm. Mir freeën eis iwwer Är Froen an Iddien.

Vous souhaitez participer à nos activités et soutenir les objectifs de notre Amicale ? Alors n'hésitez pas à nous rejoindre ! Vous serez les bienvenus. Nous nous réjouissons d'échanger avec vous et de découvrir vos idées.

If you would like to take part in our activities and support the aims of the Amicale, you are warmly welcome to join us. We are always delighted to hear your ideas and answer any questions you may have.

Kontakt / Contact

Marco Fischer
T: 621 751 000

Mariette Schaul
T: 621 181 300

E: amicaleneihaischen@gmail.com

📍 2, Rue de la Carrière
L-5290 Neuhäusgen



**Mir freeën eis ëmmer iwwer
engagéiert Elteren, déi eis
bei der Organisatioun vun
Eventer ënner d'Äerm gräife
wëllen.**

**Nous sommes toujours
heureux de pouvoir compter
sur des parents engagés
qui souhaitent s'investir
dans l'organisation de nos
événements.**

**We are always grateful
for the support of
dedicated parents who
wish to contribute to the
organisation of our events.**

Kontakt / Contact

E: ape.schuttrange@ecole.lu

Elterevereenegung Schëtter

LU D'Elterver-
eenegung Schëtter
riicht sech un all
Elteren, déi een oder
méi Kanner an der
Gemeng Schëtter
scolariséiert hunn.

Mir organiséieren
zesumme mat
der Schoul
d'Kleeserchersfeier,
d'Klassefotoen an
d'Schoulfest um
Enn vum Schouljoer.
Mir organiséieren
ausserdeem och de
Kanner-Halloweensbal
an de Kanner-
Fuesbal. Dës Aktivitéite
sinn Dank dem
Engagement vu villen
Eltere méiglech.

D'Cotisationoun läit bei
10€ pro Kand a Joer.

FR L'association des
parents d'élèves de
Schuttrange s'adresse
à tous les parents
ayant un ou plusieurs
enfants scolarisés
dans la commune de
Schuttrange.

Nous organisons, en
collaboration avec
l'école, la fête de
la Saint-Nicolas, les
photos de classe ainsi
que la fête scolaire
de fin d'année. Nous
organisons également
un bal d'Halloween
et un bal de carnaval
pour les enfants.
Toutes ces activités
sont rendues possibles
grâce à l'engagement
de nombreux parents.

La cotisation annuelle
s'élève à 10 € par
enfant.

EN The Schuttrange
Parents' Association
is open to all
parents with one
or more children
attending school
in the commune of
Schuttrange.

We organise, in
collaboration with
the school, the Saint
Nicholas celebration,
class photographs and
the school festival.
We also organise a
children's Halloween
party and a children's
Carnival party. All of
these activities are
made possible thanks
to the dedication of
many parents.

The annual
membership fee is €10
per child.

DIGHSE – Défense des Intérêts des Habitants de Schuttrange et Environs

LU Eis Associatioun gouf am August 2020 gegrënnt. Eis Missioun ass dozou bäizedroen, dass déi gutt Liewensqualitéit vun den Awunner vu Schëtter an Ëm-géigend erhalen bleift.

Mir setzen eis virun allem dofir an, dass d'Belaaschtung duerch de Kaméidi vum Fluchhafen a vum Fluchverkéier sech a Grenzen hält. Zesumme mat aneren Associatiounen aus der Noperschaft verdeedege mir eis Interesse bei den zoustännegen Autoritéiten.

Eis Aktivitéit konzentréiert sech haaptsächlech op zwee Beräicher:

- déi kleng a Sportfligeren dozou

ze beweegen, d'Punkte vun der Charta vun 2008 a besonnesch déi fir si virgesi Fluchschneisen (Fluchkorridor / festgeluechte Streck fir Fligeren) anzehalen, a Fligeren anzesetzen, déi manner Kaméidi maachen;

- ze verhënneren, dass d'Fluchschneise fir grouss a kommerziell Fligere geännert ginn an doduerch de Kaméidi an eisen Dierfer onnëtz an d'Luucht geet.

FR Notre association a été constituée en août 2020. Son objectif est de contribuer à préserver la qualité de vie des habitants de Schuttrange et des environs.

Nous agissons notamment pour limiter l'exposition aux nuisances sonores liées aux activités de l'aéroport et au trafic aérien. En collaboration avec d'autres associations de riverains concernées par ce sujet, nous défendons nos intérêts auprès des autorités compétentes.

Nos activités se concentrent principalement sur deux axes :

- contraindre l'aviation légère et sportive à respecter les dispositions de la Charte de 2008, en particulier les trajectoires qui y sont prévues, et à utiliser des avions moins bruyants ;

- empêcher des modifications de trajectoires des avions commerciaux qui occasionneraient une augmentation inutile des nuisances sur nos villages.

EN Our association was founded in August 2020. Its purpose is to help preserve the quality of life of residents of Schuttrange and the surrounding area.

In particular, we work to limit exposure to noise pollution caused by activities at Luxembourg Airport and by air traffic. Together with other local associations addressing this issue, we represent our interests to the relevant authorities.



Our activities focus primarily on two areas:

- requiring light and recreational aviation to comply with the provisions of the 2008 Charter, particularly the designated flight paths, and to operate less noisy aircraft;

- preventing changes to commercial aircraft flight paths that would result in an unnecessary increase in noise pollution over our villages.

Wann dëst Thema lech interesséiert oder betrëfft, zéckt net, Kontakt mat eis opzehuelen.

Si cette thématique vous intéresse ou vous concerne, n'hésitez pas à prendre contact avec nous.

If this issue concerns you or is of interest to you, please do not hesitate to get in touch with us.

Kontakt / Contact

Maurice Bellomo
E: asblsnaviation@gmail.com

Jean-Paul Schaul
E: jpschaul@pt.lu



**Wie Freed um Theater huet a gären
Deel vun engem engagéiertem a
gesellegem Grupp wëll ginn, ass
bei eis häerzlech wëllkomm! Bei
Froen oder fir weider Informatiounen
kënnt Dir lech bei eis mellen.**

**Si vous aimez le théâtre et
souhaitez rejoindre un groupe
dynamique et engagé, vous êtes les
bienvenus parmi nous ! Pour toute
question ou demande d'adhésion,
n'hésitez pas à nous contacter.**

**Anyone who enjoys theatre and
would like to become part of a
dedicated and welcoming group
is warmly invited to join us. If you
have any questions or would like to
become a member, please do not
hesitate to contact us.**

Kontakt / Contact

Liz Goergen
Charlotte Schroeder
E: schetter.theaterfrenn@gmail.com

Schëtter Theaterfrënn

LU D'Schëtter Theaterfrënn goufen 1992 gegrënnt a stinn zënterhier fir kulturellt Engagement a Gemeinschaft an der Gemeng Schëtter. Eis Theateropféierungen am Ufank vum Joer begeeschteren all Joer mat vill Humor an ënnerhalende Momenter.

Nieft den Opféierunge leeë mir grouse Wäert op e staarkt Veräinsliwen an e flott Mateneen. Iwwert d'Joer verdeelt organiséiere mir gemeinsam Ausflich an Aktivitéiten, déi fir vill Spaass a schéin Erënnerunge suergen.

FR Fondée en 1992, l'association « Schëtter Theaterfrënn » s'engage activement dans la vie culturelle et communautaire de la commune de Schuttrange. Nos spectacles, présentés au début de chaque année, séduisent le public par leur humour et leurs nombreux moments divertissants.

En outre, nous accordons une grande importance à la convivialité. Tout au long de l'année, nous organisons des sorties et des activités qui garantissent une véritable expérience associative et beaucoup de plaisir.

EN Founded in 1992, "Schëtter Theaterfrënn" has been promoting cultural engagement and community spirit in the commune of Schuttrange. Our theatre performances at the beginning of each year delight audiences with plenty of humour and entertaining moments.

Beyond our performances, we place great importance on fellowship and social interaction. Throughout the year, we organise group outings and activities that create a genuine club experience and lots of fun.



Fraen a Mammen – Schëtter

LU D'Fraen a Mammen – Schëtter goufen 1984 ënnert dem Daachverband ACFL gegrënnt.

An engem flotte Grupp vun engagéierten Dammen treffe mir eis all Méindegowend, fir zesumme kreativ Handaarbechten ze maachen. Dës Wierker verkafe mir op eise Manifestatiounen, ënner anerem op eisem traditionellen Adventsmaart, deem all Joer um éischten Adventssonndeg am Centre Culturel zu Minsbech stattfënnt.

Ausserdeem bedeelege mir eis aktiv un de verschiddenen Aktivitéiten, déi vun der Gemeng organiséiert ginn. Den Erléis vun eise Verkafsaktiounen kënn gudden Zwecker a karitativen Organisatiounen zou.

FR L'association « Fraen a Mammen – Schëtter » a été fondée en 1984 sous l'égide de la fédération ACFL.

Au sein d'un groupe de dames engagées et créatives, nous nous retrouvons chaque lundi soir pour réaliser ensemble divers travaux manuels. Ces créations sont ensuite proposées lors de nos manifestations, notamment à notre traditionnel marché de l'Avent, qui se tient chaque année le premier dimanche de l'Avent au Centre Culturel à Munsbach.

Nous participons également activement aux différentes activités organisées par la commune. Les bénéfices de nos ventes sont reversés à des œuvres caritatives et à des organisations œuvrant pour de bonnes causes.

EN The association "Fraen a Mammen – Schëtter" was founded in 1984 under the umbrella of the ACFL association.

As a group of dedicated and creative women, we meet every Monday evening to work together on a variety of handicrafts. These creations are then offered for sale at our events, including our traditional Advent Market, held every year on the first Sunday of Advent at the Cultural Centre in Munsbach.

We also actively participate in the various activities organised by the commune. The proceeds from our sales are donated to charitable causes and non-profit organisations.



Jiddereen, dee Loscht huet,
ass hærzlech wëllkomm, eis
méindes besichen ze kommen
a matzeschaffen. Egal ob
Ufänger oder erfuerene Bastler
– bei eis fënnt jidderee seng
Plaz. Fir weider Informatiounen
kënnt Dir eis gär per E-Mail
kontaktéieren.

Toute personne intéressée
est chaleureusement invitée
à venir nous rencontrer et à
participer à nos activités du
lundi soir. Débutants comme
personnes expérimentées
sont les bienvenus. Pour toute
information complémentaire,
n'hésitez pas à nous contacter
par courriel.

Anyone interested is warmly
welcome to visit us on
Monday evenings and join in
our activities. Whether you
are a beginner or already
experienced, you will find a
friendly place with us. For
further information, please feel
free to contact us by email.

Kontakt / Contact

E: fraenamammenschetter@gmail.com

www.fraen-a-mammenschetter.lu



Kontakt / Contact

Alex Lenert
E: chef@castors.lu

Tania Dauphin
E: comite@castors.lu

www.castors.lu

Les Castors Schëtter

LU „Les Castors“ ass de Scoutsgrupp vun der FNEL zu Schëtter. Eis iwwer 200 Membere sinn a verschidden Altersgruppen opgedeelt: Beaver (6 bis 8 Joer), Wëllefcher (8 bis 11 Joer), Scouten (11 bis 14 Joer), Explorer (14 bis 16 Joer) souwéi Rover, Tembo a Cheffen (vu 16 Joer un). Eis benevole Cheffen organiséieren samschdesmëttes Versammlungen a Sortien a während de Schoulvakanze Weekender a Campen. Dobäi orientéieren mir eis un der Scoutsmethod an dem Prinzip vum „Learning by Doing“. Hei erliewe Kanner a Jugendlecher Spill, Spaass, Abenteuer, Natur a Gemeinschaft. Si entwéckelen nei Fäegkeeten, iwwerhuele Verantwortung, a léieren selbststänneg an am Team ze handelen.

FR Les Castors est le groupe scout de la FNEL à Schuttrange. Nos plus de 200 membres sont répartis en différentes branches d'âge : Beavers (de 6 à 8 ans), Louveteaux (de 8 à 11 ans), Scouts (de 11 à 14 ans), Explorers (de 14 à 16 ans), ainsi que les Rovers, Tembos et les chefs (à partir de 16 ans). Nos chefs bénévoles organisent des réunions et des sorties le samedi après-midi, ainsi que des week-ends et des camps pendant les vacances scolaires. Nos activités s'appuient sur la méthode scout et sur le principe du « Learning by Doing ». Les enfants et les jeunes y découvrent le jeu, le plaisir, l'aventure, la nature et la vie en communauté. Ils développent de nouvelles compétences, prennent des responsabilités et apprennent à agir de manière autonome et en équipe.

EN “Les Castors” is the FNEL Scout group based in Schuttrange. Our more than 200 members are divided into different age sections: Beavers (ages 6 to 8), Cubs (ages 8 to 11), Scouts (ages 11 to 14), Explorers (ages 14 to 16), as well as Rovers, Tembos and leaders (from the age of 16). Our volunteer leaders organise meetings or outings on Saturday afternoons, as well as weekend activities and camps during the school holidays. Our activities are based on the Scout Method and the principle of “Learning by Doing”. Children and young people experience fun, adventure, nature and a strong sense of community. They develop new skills, take on responsibility and learn to act independently and as part of a team.

Cercle Avicole Schuttrange

LU Klengdéieren-
zuucht ass en Hobby
mat Passioun an Tradi-
tioun fir déi ganz Famill!

Hues du d'Déieren,
d'Natur an d'Gespräicher
mat Gläichgesënnte
gär? Da bass du bei
eis genee richteg! Eise
Veräi bitt eng lieweg
Gemeinschaft fir
jiddereen, dee sech fir
d'Zuucht an d'Fleege
vu Kanéngercher,
Hénger, Schnuddel-
hénger, Inten, Gänsen
an anere Klengdéieren
interesséiert – egal
ob Ufänger oder
erfuerenen Züchter.

Wat mir bidden:

- Rotschléi an
Ënnerstëtzung bei
allen Aspekter vun
der Klengdéieren-
zuucht
- Geselleg Evene-
menter an Ausstel-
lungen
- Gemeinschaftlech
Aktivitéite fir Jonk
an Al
- Fërderung vum
Déierewuel, der
Aartevillfalt an
enger verantwort-
lecher Zuucht

FR L'élevage de
petits animaux est un
passe-temps passion-
nant et ancré dans la
tradition pour toute la
famille !

Tu aimes les animaux,
la nature et les
échanges avec des
personnes partageant
les mêmes intérêts ?
Alors tu es au bon
endroit ! Notre associa-
tion offre une commu-
nauté dynamique à
tous ceux qui aiment
élever et prendre
soin de lapins, poules,
dindes, canards,
oies, etc. – que tu sois
débutant ou éleveur
expérimenté.

Ce que nous proposons :

- Conseils et soutien
sur tous les aspects
de l'élevage de
petits animaux
- Événements
sociaux et expositions
- Activités de
groupe pour tous
les âges
- Promotion du
bien-être animal,
de la biodiversité
et d'un élevage
responsable

EN Small animal
breeding is an exciting
hobby full of passion
and tradition for the
whole family!

Do you love animals,
nature and chatting
with people who
share your interests?
Then you've come to
the right place! Our
club offers a vibrant
community for anyone
who enjoys breeding
and caring for rabbits,
chickens, turkeys,
ducks, geese and
more – whether you're
a beginner or an
experienced keeper.

What we offer:

- Advice and
support on all
aspects of small
animal breeding
- Social events and
exhibitions
- Group activities for
young and old
- Promotion of
animal welfare,
biodiversity and
responsible
breeding

Firwat matmaachen?

Bei eis steet net nëmmen d'Zucht am Mëttelpunkt, mee och d'Gemeinschaft. Léier nei Leit kennen, deel deng Passioun an erweider däi Wëssen an enger flotter Ambiance. Gëff elo Member a sief Deel vun enger aktiver Gemeinschaft! Mir freeën eis drop, dech ze begrëssen – egal ob mat eegenen Déieren oder net.

Pourquoi nous rejoindre ?

Pour nous, l'élevage est bien plus qu'une activité : c'est aussi une affaire de communauté. Fais de nouvelles rencontres, partage ta passion et enrichis tes connaissances dans une ambiance conviviale. Deviens membre dès maintenant et rejoins une communauté active ! Nous avons hâte de t'accueillir, que tu aies tes propres animaux ou non.

Why join us?

For us, it's not just about breeding animals, but also about community. Meet new people, share your passion and expand your knowledge in a friendly atmosphere. Become a member now and join an active community! We look forward to welcoming you, whether you have animals of your own or not.

Kontakt / Contact

Paul Theisen

T: 621 328 506

E: theisenk@pt.lu

www.cercle-avicole-schuttrange.lu





Kontakt / Contact

Hans van der Drift
T: 661 385 381
E: Schettergesank@gmail.com

📍 164, Rue Principale
L-5366 Munsbach

Schëtter Gesank

LU Hues du Freed
um Sangen, a Loscht,
Deel vun engem flotte
Grupp ze ginn? Egal
ob s du vill Erfahrung
hues oder just gär
ënnert der Dusch
séngs – bei eis bass du
härzlech wëllkomm.
Mir sangen eng
flott Mëschung aus
verschiddene Stiler
an hu virun allem
Freed, zesummen
ze musizéieren an
eng gutt Zäit ze
verbréngen.

Mir prouwen all
Dënschdegowend.

Komm einfach
laanscht a kuck,
ob et dir gefällt. Mir
freeën eis iwwer all nei
Stëmm!

FR Tu aimes chanter
et tu as envie de
faire partie d'un
groupe sympa ? Que
tu aies beaucoup
d'expérience
ou que tu aimes
simplement chanter
sous la douche, tu
es le bienvenu chez
nous. Nous chantons
différents styles
musicaux et, surtout,
nous prenons plaisir
à faire de la musique
ensemble et à passer
un bon moment.

Nous répétons tous les
mardis soirs.

Viens nous rendre visite
et découvre si cela
te plaît. Nous avons
hâte d'accueillir de
nouvelles voix !

EN Do you enjoy
singing and fancy
being part of a
welcoming group
of singers? Whether
you have lots of
experience or just like
to sing in the shower –
we'd be delighted to
have you with us. We
sing a mix of different
styles and, above all,
adore making music
together and having a
good time.

We rehearse every
Tuesday evening.

Give it a go and see
how you like it. We're
looking forward to
welcoming new
voices!

Schëtter Jugendhaus

LU D'Schëtter Jugendhaus ass, wéi den Numm et scho seet, säit méi wéi 20 Joer e wichtege Treffpunkt fir Jonker tëscht 11 a 26 Joer. Ab dem Cycle 4.2 sinn d'Kanner häerzlech wëllkomm, eis an hirer Fräizäit ze besichen.

Hei kréien déi Jonk d'Méiglechkeet, sech mat anere Jonken auszetauschen, zesummen ze diskutéieren, gemeinsam Erfarungen ze maachen a sech an engem geschützte Raum z'entwéckelen. Mir huele si eescht – souwuel an den heiansdo turbulente Phase vun der Pubertéit wéi och an där usprochsvoller Zäit tëscht Jugend an Erwuessenewelt, wou wichteg Entscheedunge fir d'Zukunft musse geholl ginn.

Mir beméien eis an eiser Aarbecht, op déi villfältig Besoine vun de Jonken anzugeen – wéi zum Beispill no Fräiraum, Informatioun, Individualitéit a kultureller Ausdrucksform. Am

Mëttelpunkt steet dobäi d'Bezéiungs-aarbecht, un där mir all Dag engagéiert a mat vill Empathie schaffen.

FR Comme son nom l'indique, la Maison des Jeunes de Schuttrange est, depuis 20 ans, un lieu de rencontre pour les jeunes âgés de 11 à 26 ans. À partir du cycle 4.2, les enfants sont les bienvenus pour venir passer leur temps libre avec nous.

Nous offrons aux jeunes la possibilité d'essayer de nouvelles choses, de discuter, de partager des expériences communes et de s'épanouir dans un espace de rencontre sécurisé. Nous les accompagnons durant les phases souvent turbulentes de l'adolescence, ainsi que dans la transition vers l'âge adulte, période au cours de laquelle d'importantes décisions pour l'avenir doivent être prises.

À travers notre travail, nous nous efforçons de répondre aux besoins variés des jeunes, tels que le besoin d'autonomie, d'information, de partage, de développement de l'identité, d'individualité ou encore d'expression culturelle.

EN As its name suggests, the Schuttrange Youth Centre has been a meeting place for young people aged 11 to 26 for the past 20 years. From Cycle 4.2 onwards, children are welcome to spend their free time with us.

We offer young people the opportunity to try new things, meet others, share experiences, and grow within a safe and supportive environment. We listen to and support them through the often challenging years of adolescence, as well as during the transition into adulthood, when important decisions about their future need to be made.

Through our work, we strive to address the diverse needs of young people, including the need for autonomy, access to information, shared experiences, identity development, individuality, and cultural expression.



All dës Bedürfnisser fléissen an eis Projeten, Atelieren an Aktivitéite mat an. Detailléiert Beschreibungen an déi jeeweileg Rendez-vousen zu den einzelnen Aktivitéite fënns du op eiser Websäit.

Le travail relationnel est au cœur de notre démarche et se reflète dans l'ensemble de nos projets, ateliers et activités. Tu trouveras sur notre site internet toutes les informations, les dates ainsi que les descriptions détaillées de chaque activité.

Building meaningful relationships is at the heart of everything we do and is reflected in all our projects, workshops, and activities. Detailed descriptions of our activities, along with information on upcoming events and programmes, can be found on our website.

Kontakt / Contact

Susy Schmit
Tina Boesen
Steve Differding

📍 199, Rue Principale
L-5366 Munsbach

www.schetterjugendhaus.lu



Kontakt / Contact

Tamara Smit
E: luxallergynetwork@gmail.com

www.luxallergy.net

Luxembourg Allergy Network (LAN)

LU Luxembourg
Allergy Network (LAN)
ass eng a.s.b.l.,
gefëiert vu Benevollen,
déi sech dofir asetzt,
Leit a Familljen
z'ënnerstëtzen, déi
mat schwéieren
Allergië liewe mussen.
Mir bidden zouver-
lässig Informatiounen,
sensibiliséieren
d'Ëffentlechkeet a
setzen eis fir e méi
sécher an inklusiv
Ëmfeld an de Schoulen,
an ëffentleche Raim
souwéi an der
Gesellschaft am
Allgemengen an.
Duerch Evenementer,
Campagnen an
d'Zesummenaarbecht
mat Organisatiounen
op nationalem an op
europäeschem Niveau
baut LAN eng staark
Gemeinschaft op,
stärkt d'Familljen
a schafft drun,
d'Liewensqualitéit
vu Betroffene mat
schwéieren Allergien
zu Lëtzebuerg ze
verbesseren.

FR Luxembourg
Allergy Network (LAN)
est une association à
but non lucratif, gérée
par des bénévoles,
dédiée au soutien
des personnes et des
familles vivant avec
des allergies sévères.
Nous fournissons des
informations fiables,
sensibilisons le public
et plaçons pour des
environnements plus
sûrs et inclusifs dans
les écoles, les espaces
publics et la société
en général. À travers
des événements,
des campagnes de
sensibilisation et des
partenariats avec
des organisations
nationales et
européennes,
LAN rassemble les
personnes concernées
et apporte son
soutien aux familles.
Ensemble, nous
travaillons à construire
un environnement plus
bienveillant pour les
personnes vivant avec
des allergies sévères
au Luxembourg.

EN Luxembourg
Allergy Network (LAN)
is a volunteer-led
non-profit association
dedicated to
supporting individuals
and families living
with severe allergies.
We provide reliable
information, raise
awareness, and
advocate for safer,
more inclusive
environments in
schools, public
spaces, and the wider
community. Through
events, campaigns,
and collaboration
with organisations
at the national and
European levels, LAN
builds a supportive
community, empowers
families, and works
towards improving
the quality of life for
those affected by
severe allergies in
Luxembourg.

Schëtter hëlleft

LU „Schëtter hëlleft“ ass eng karitativ Organisatioun, déi am Fréijoer 2022 no der russescher Invasioun vun der Ukrain gegrënnt gouf. Hiert Zil ass et, vulnerabele Leit an Noutsituatiounen ze hëllefen, haapt-sächlech lokal, mee och an aneren humanitäre Krisen (Ärdbiewen, etc.).

An der Schëtter Gemeng huet d'Organisatioun 10 ukrainesch Flüchtlingen an zwee alen Haiser ënnerbruecht, déi vun der Gemeng zur Verfügung gestallt goufen. Dëst gouf duerch generéis Donen an dem Engagement vu den Membere méiglech gemaach. D'Associatioun hëlleft Flüchtlingen, wann néideg, bei bestëmmten administrativen a beruffleche Froen a Prozeduren, a beméit sech, hinnen déi sozial Integratioun ze erliichteren.

D'Sich no néidege finanzielle Mëttel an d'Sensibiliséierung si wesentlech, fir dës

Aarbecht weiderzeféieren, dofir huet d'Associatioun e Stand bei verschiddenen Evenementer: Grouss Botz, Fête de la Musique, Chrëschtmaart an nach anerer. Jiddereen, dee bei dëse Manifestatiounen hëllef wëll, ass härezech wëllkomm.

„Schëtter hëlleft“ sicht no Haiser oder Wunnenge mat bezuelbare Loyerer, fir Leit ënnerzebréngen.

FR « Schëtter hëlleft » est une association caritative créée au printemps 2022 avec l'invasion russe en Ukraine. Son but est d'aider des personnes qui se trouvent dans des situations vulnérables et d'urgence, tout d'abord localement, mais également dans d'autres crises humanitaires (séismes, etc.).

Au niveau de la commune de Schuttrange, l'association a reloué 10 réfugiés ukrainiens dans deux anciennes

maisons mises à disposition de la part de l'administration communale. Ceci, grâce à des dons généreux et l'engagement de ses membres. L'association assiste les réfugiés au besoin pour certaines démarches administratives et professionnelles et essaie de leur faciliter l'intégration sociale.

Trouver les moyens financiers nécessaires et avoir une certaine visibilité sont indispensables pour pouvoir continuer l'engagement, voilà pourquoi l'association assure un stand lors de différents événements : « Grouss Botz », Fête de la Musique, Marché de Noël et bien d'autres encore. Les personnes prêtes à donner un coup de main lors de ces événements sont les bienvenues.

« Schëtter hëlleft » est à la recherche de maisons ou d'appartements à coup modéré afin de pouvoir reloger des personnes.

EN "Schëtter hëllef" is a charitable organisation established in spring 2022 in response to the Russian invasion of Ukraine. Its mission is to support people facing hardship and emergency situations, primarily at local level, but also in the context of other humanitarian crises such as natural disasters.

In the commune of Schuttrange, the organisation has helped provide accommodation for 10 Ukrainian refugees in two former residential properties made available by the commune. This initiative has been made possible thanks to generous donations and the dedication of volunteers. In addition to housing support, the association assists refugees with certain administrative and employment-related procedures and helps facilitate their integration into local life.

To continue its work, the association regularly participates in community events such as the "Grouss Botz", the "Fête de

la Musique" and the Christmas Market. These events help raise both funds and awareness for its activities. Anyone wishing to contribute their time or support is warmly welcome.

"Schëtter hëllef" is also looking for houses or flats at affordable rents to help provide accommodation for people in need.



Kontakt / Contact

Nora Forgiarini
T: 691 554 321
E: nora.forgiarini@schuttrange.lu

Annemarie Nagel
T: 691 722 016
E: annemarie.nagel@schuttrange.lu

📍 1, Rue de Forêt
L-5370 Schuttrange

Schëtter Musek

LU D'Schëtter Musek ass e Veräim mat enger laanger Traditioun an eiser Gemeng. Déi aktuell iwwer 60 aktiv Musikante verbënnt eng musikalesch Passioun an ee staarkt Gemeinschaftsgefill.

D'Musikanten treffen sech reegelméisseg fir Prouwen an Optrëtter, a si begleeten iwwer d'Joer vill lokal an national Manifestatiounen, esou wéi Fester a Feierlechkeeten.

Nieft dem musikaleschen Engagement leet d'Schëtter Musek och e grouse Wäert op d'Formatioun vun de Jonken. Mat de Jongbléiser gëtt de musikaleschen Nowuess gefërdert an esou mat an

d'Veräinslieden agebonnen. D'Prouwe vun der Schëtter Musek fannen donneschdes um 20:00 Auer statt, während d'Jongbléiser sech freides um 17:15 Auer treffen.

FR L'Harmonie de Schuttrange est une association à longue tradition dans notre commune. Les plus de 60 musiciens actuels partagent une passion pour la musique ainsi qu'un fort esprit de communauté.

Les membres se réunissent régulièrement pour des répétitions et des concerts, et accompagnent tout au long de l'année de nombreuses manifestations locales et nationales, telles


que des fêtes et des cérémonies officielles.

Au-delà de son engagement musical, l'Harmonie accorde également une grande importance à la formation des jeunes. Avec les « Jongbléiser », la relève musicale est encouragée et intégrée activement dans la vie associative. Les répétitions de l'Harmonie de Schuttrange ont lieu le jeudi à 20h00, tandis que les « Jongbléiser » se retrouvent le vendredi à 17h15.

EN "Schëtter Musek" is a local concert band with a long-standing tradition in the commune. Its more than 60 current musicians share a passion for music and a strong sense of community.

Members meet regularly for rehearsals and performances and take part throughout the year in many local and national events such as festivals and official ceremonies.





Beyond its musical activities, "Schëtter Musek" places great importance on youth development. Through the "Jongbléiser", young musicians are encouraged and actively involved in the life of the association. "Schëtter Musek" rehearses every Thursday at 8:00 p.m., while the Jongbléiser meet every Friday at 5:15 p.m.

D'Schëtter Musek dréit aktiv zur kultureller Dynamik an zum Zesummeliewen an der Gemeng bäi. Nei Memberen, egal ob Ufänger oder erfuere Museker, sinn ëmmer wëllkomm. Mir freeën eis op Iech!

L'Harmonie de Schuttrange contribue activement au dynamisme culturel et à la convivialité au sein de la commune. De nouveaux membres, débutants ou musiciens expérimentés, sont toujours les bienvenus. Nous serons ravis de vous accueillir !

"Schëtter Musek" plays an active role in the cultural life and community spirit of the commune. New members, whether beginners or experienced musicians, are always welcome. We look forward to hearing from you!

Kontakt / Contact

Paul Schummer
T: 691 421 365
E: schettermusek@gmail.com

📍 115, Rue Principale
L-5367 Schuttrange

www.harmonie-schuttrange.lu

Schëtter Nössmaart

LU D'Schëtter Nössmaart a.s.b.l. gouf am Joer 1991 gegrënnt a setzt sech mat vill Härz an Engagement dofir an, lëtzebuergesch karitativ Organisatiounen, déi keng staatlech Hëllef kréien, ze ënnerstëtzen.

Mir bidden ons Nössprodukter wéi Drëppen, Likören, Nöss-Porto asw., déi vun eis produzéiert ginn, op verschidde Mäert am ganze Land un.

Mam Erléis vun de verschiddenen Aktivitéite kënnen mir dës wichteg Strukturen am Land gezielt ënnert d'Äerm gräifen.

Eng ganz besonnesch Roll am Veräinsliewe spillt den Hierken-Sonndeg mat Danz-Nomëtteg, dee mir de Weekend vum Fuessonndeg am Centre Culturel „an der Dällt“ organiséieren. Zousätzlech hëllef mir mat staarker Presenz gär op anere Fester

an der Gemeng mat eiser engagierter Grill-Ekipp aus.

D'Schëtter Nössmaart a.s.b.l. steet fir Engagement, Zesummenhalt, Kollegialitéit an der Gemeinschaft a sech härezelech wëllkommen ze fillen.

FR L'association « Schëtter Nössmaart a.s.b.l. » a été fondée en 1991 et s'engage avec beaucoup de cœur et de dévouement à soutenir des organisations caritatives luxembourgeoises qui ne reçoivent aucune aide de l'État.

Nous proposons nos produits à base de noix, tels que des gouttes, des liqueurs, du porto aux noix, etc., que nous produisons nous mêmes, sur différents marchés à travers le pays.

Grâce aux recettes de nos diverses activités, nous pouvons soutenir de manière ciblée ces structures importantes dans le pays.

Un rôle tout à fait particulier dans la vie de l'association est le « Hierken-Sonndeg » avec thé dansant, que nous organisons le week end avant le « Fuessonndeg » au Centre culturel « an der Dällt ». En outre, nous participons volontiers à d'autres fêtes de la commune avec notre équipe de grillades engagée.

La « Schëtter Nössmaart a.s.b.l. » représente l'engagement, la solidarité, la collégialité et le fait de se sentir chaleureusement accueilli au sein de la communauté.

EN The association "Schëtter Nössmaart a.s.b.l." was founded in 1991 and is wholeheartedly committed to supporting Luxembourgish charitable organisations that do not receive any state aid.

We offer our nut based products, such as fruit brandy, liqueurs, nut port wine, etc., all produced by us, at various markets

throughout the country.

With the earnings from our different activities, we are able to provide targeted support to these important structures in the country.

A very special role in the association's life is the "Hierken-Sonndeg" with tea dance event,

which we organise on the weekend before "Fuessiondeg" at the Centre Culturel "an der Dällt". Additionally, we gladly contribute to other festivities in the commune with our dedicated grill team.

The "Schëtter Nössmaart a.s.b.l." embodies commitment, solidarity, collegiality, and

a warm sense of belonging within the community.



Kontakt / Contact

René Marx
T: +352 621 186 375
E: rmarx1@pt.lu

Amicale Pompjeeën Minsbech-Schëtter

LU D'Amicale vun de Pompjeeën Minsbech-Schëtter, gegrënnt am Joer 1900, ass zënter méi wéi engem Joerhonnert e feste Bestanddeel vum lokale Veräinsliewen an domat och eng vun deenen eelsten Organisatiounen an der Gemeng. Si huet sech d'Aufgab ginn, de Komerodschaftsgeescht tëscht de Pompjeeën ze fërderen an d'Aarbecht vum Rettungs- a Pompjeeswiesen an eiser Gemeng aktiv ze ënnerstëtzen.

Als Stäip vum CIS Nidderaanwen-Schëtter (Centre d'Intervention et de Secours) schafft d'Amicale enk mat der Amicale vun Nidderaanwen zesummen. Duerch verschidden Aktivitéiten a finanziell Ënnerstëtzung droe béid Veräiner dozou bäi, de Corps a seng Membere bei hire Missiounen ze begleeden. Als Zeeche

vu Gemeinschaft an Unerkennung organiséieren déi zwou Amicallen all Joer e Gala-lesse fir d'Pompjeeën. Zu den traditionelle Manifestatiounen vun der Amicale gehéieren de Wine & Dine, de Buffet an de Schëtter Chrëschtmaart.

E ganz besonnesche Stewwäert hunn eis Veteranen. Si treffe sech all Woch, huelen aktiv un den Aktivitéiten vun der Lëtzebuerger Pompjeesfederatioun deel an organiséieren och selwer Ausfluch.

Derniewent gëtt et schonn iwwer 30 Joer eng enk Partnerschaft mat engem Pompjeescorps am Saarland, an zwar am Löschbezirk Beckingen, mat der Feuerwehr Düppenweiler.

D'Amicale ass eng wichteg Ergänzung zum Engagement am CIS. Si fërdert d'Solidaritéit,

d'Komerodschaft an d'géigesäiteg Ënnerstëtzung ënnert de Pompjeeën. Gläichzäiteg hält si d'Traditiounen lieweg, stärkt de sozialen Zesummenhalt an dréit dozou bäi, datt d'Wärter vum fräiwëllegen Asaz och an Zukunft weidergedroe ginn.

FR L'Amicale des Pompiers de Munsbach-Schuttrange a.s.b.l., fondée en 1900, fait partie intégrante de la vie associative locale depuis plus d'un siècle et constitue ainsi l'une des plus anciennes organisations de la commune. Elle a pour mission de promouvoir l'esprit de camaraderie entre les pompiers et de soutenir activement les activités de secours et de lutte contre l'incendie au sein de notre commune.

En tant que soutien du CIS Niederanven-Schuttrange (Centre

d'Intervention et de Secours), l'Amicale collabore étroitement avec l'Amicale de Niederanven. Par le biais de différentes activités et d'un soutien financier, les deux associations contribuent à accompagner le corps de secours et ses membres dans leurs missions. En signe de reconnaissance et de solidarité, les deux Amicales organisent chaque année un dîner de gala à l'intention de l'ensemble des sapeurs-pompiers. Parmi les rendez-vous incontournables de l'Amicale figurent le Wine & Dine, le buffet annuel ainsi que le marché de Noël de Schuttrange.

Nos vétérans occupent une place toute particulière au sein de l'Amicale. Ils se réunissent chaque semaine, participent aux activités de la Fédération Nationale des Corps de Sapeurs-Pompiers du Luxembourg et organisent eux-mêmes des excursions.

Par ailleurs, une étroite relation de partenariat existe depuis plus de 30



ans avec un corps de sapeurs-pompiers de la Sarre, plus précisément avec la « Feuerwehr Düppenweiler » du « Löschbezirk Beckingen ».

L'Amicale constitue ainsi un complément essentiel à l'engagement des membres du CIS. Elle favorise la solidarité, la camaraderie et l'entraide, tout en préservant les traditions des sapeurs-pompiers et en renforçant la cohésion sociale. Elle contribue ainsi à transmettre aux générations futures les valeurs du volontariat, de l'esprit d'équipe et de l'engagement au service de la collectivité.

EN The Firefighters' association of Munsbach-Schuttrange, founded in 1900, has been an integral part of local community life for more than a century and is therefore one of the oldest organisations in the commune. Its mission is to promote the spirit of camaraderie among firefighters and to actively support rescue and fire-fighting activities within our community.

As a supporting organisation of the CIS Niederanven-Schuttrange (Centre d'Intervention et de Secours), the Association works closely with

the Niederanven Firefighters' association. Through various activities and financial support, both associations contribute to assisting the fire and rescue service and its members in carrying out their missions. As a sign of appreciation and solidarity, the two associations jointly invite all firefighters to an annual gala dinner.

Among the Amicale's traditional events are the Wine & Dine, the annual buffet and the Schuttrange Christmas Market.

Our veterans hold a special place within the Association. They meet weekly, participate in the activities of the National Federation of Firefighters of Luxembourg and organise excursions. In doing so, they remain a valued part of our community and help pass on the traditions and values of the firefighting profession to future generations.

In addition, the association has maintained a close partnership for more than 30 years with a fire brigade in

Saarland, namely the "Feuerwehr Düppenweiler" of the "Löschbezirk Beckingen".

The Amicale is an important complement to the commitment shown within the CIS. It promotes solidarity, camaraderie and mutual support among

firefighters, while preserving traditions and strengthening social cohesion. In doing so, it helps ensure that the values of voluntary service, community spirit and dedication to others continue to be passed on to future generations.



Kontakt / Contact

Alain Grohmann
T: 691356560
E: amicalepompjeen@gmail.com

Escrime – CE Comeur

LU CE Comeur ass méi wéi nëmmen e Veräin – en ass eng Plaz, wou ee sech entwéckelen, weiderentwéckelen an iwwert sech erauswuesse kann.

Mir begrësse Kanner ab 7 Joer souwéi motivéiert Erwuessener, déi bereet sinn, sech z'engagéieren, ze léieren an hir Fäegkeeten am Fechte weider auszubauen.

Duerch den Training entwéckele jonk an al Fechter Disziplin, Selbstvertrauen, Respekt an Teamgeescht – Wäerter, déi am Mëttelpunkt vun eisem Veräinsliewe stinn.

Gitt Deel vun eisem Veräin, wann Dir lech weiderentwéckele wëllt an Deel vun engem engagéierten, dynameschen an inspiréierenden Team wëllt ginn.

FR Le Club d'Escrime CE Comeur est bien plus qu'un club : c'est un lieu pour se dépasser, progresser et viser l'excellence.

Nous accueillons les jeunes dès 7 ans ainsi que les adultes motivés, prêts à s'engager, à apprendre et à repousser leurs limites à travers l'épée.

À travers la pratique, chacun développe discipline, confiance en soi, respect et esprit d'équipe, des valeurs qui nous tiennent particulièrement à cœur.

Rejoignez-nous si vous avez envie de progresser et de faire partie d'une équipe engagée et inspirante.

EN CE Comeur Fencing Club is more than just a club – it is a place to push yourself, grow, and aim for excellence.

We welcome children from the age of 7 as well as motivated adults ready to commit, learn, and push their limits through épée fencing.

Through practice, everyone develops discipline, self-confidence, respect, and team spirit, values that are at the heart of who we are.

Join us if you want to progress and be part of a committed and inspiring team.



Kontakt / Contact

www.clubcomeur.com

Amiperas-Sktioun Schëtter

LU Zanter 1973
organiséiert d'Amiperas-
Sktioun Schëtter
Aktivitéit mat
Senioren, déi bei eis
Member sinn.

Den aktuelle Comité
organiséiert all Mount
(ausser am August)
eng Aktivitéit. Et ginn
zu verschiddene
Geleeënheeten lessen
organiséiert, déi am
Centre Culturel zu
Minsbech oder A
Schmatten zu Schëtter
stattfannen. Zweek-
bis dräimol am Joer
organiséiere mir och
Ausfluch mam Bus mat
guidéierte Visitten, zum
Beispill an e Musée,
eng Brauerei, bei e
Wënzer oder an aner
interessant Betriber.
Ofschléissend gi mir
gutt zesummen iessen.

Eemol am Joer, am
Mäerz, organiséiere mir
e Choucroustendag,
wou jidderee
wëllkomm ass – egal
ob Member oder net.

FR La section
Schuttrange de
l'Amiperas organise
depuis 1973 des
activités variées
destinées à ses
membres seniors.

Le comité actuel
organise une activité
chaque mois (à
l'exception du mois
d'août). À différentes
occasions, des repas
conviviaux sont
proposés au Centre
Culturel à Munsbach
ou à « A Schmatten »
à Schuttrange. Deux à
trois fois par an, nous
organisons également
des excursions en bus
comprenant des visites
guidées, par exemple
dans un musée, une
brasserie, un domaine
viticole ou d'autres
entreprises intéressantes.
La journée se clôture
autour d'un bon repas.


Une fois par an, au
mois de mars, nous
organisons notre
Journée Choucroute,
ouverte à toutes et à
tous, membres comme
non-membres.

EN Since 1973, the
Schuttrange section
of Amiperas has been
organising activities for
its senior members.

The current committee
organises an event
each month (except
in August). On various
occasions, shared
meals are held at
locations such as
the Cultural Centre
in Munsbach or
"A Schmatten" in
Schuttrange.

We also organise two
or three bus trips each
year, including guided
visits to museums,
breweries, wineries
and other interesting
local companies.
The day ends with a
pleasant meal shared
together.

Once a year, in
March, we hold our
Choucroute Day,
which is open to
everyone, whether
they are members or
not.



**Mir freeën eis ëmmer
iwwer nei Memberen. Eng
Altersgrenz gött et bei eis
net.**

**Nous nous réjouissons
toujours d'accueillir de
nouveaux membres. Il n'y
a pas de limite d'âge pour
nous rejoindre.**

**We are always delighted
to welcome new members.
There is no age limit for
joining.**

Kontakt / Contact

Antoinette Back-Schweich
T: 691 308 554
E: vaback@pt.lu

Violette Probst-Schweich
T: 621 494 875
E: schweichvio@pt.lu

Syndicat des Intérêts Locaux de Schrassig

LU De „Syndicat des Intérêts Locaux de Schrassig a.s.b.l.“ gouf den 13. Mee 1983 gegrënnt. Zil vun der Organisatioun ass et, d'gemeinsam Interesse vun den Awunner vu Schraasseg ze verrieden, d'Ëmwelt ze schützen an Initiativen ze lancéieren, déi zur Erhalung an zur Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun den Awunner vu Schrasseg bäidroen.

FR Fondé le 13 mai 1983, le Syndicat des Intérêts Locaux de Schrassig a.s.b.l. a pour mission de représenter les intérêts communs des habitants de Schrassig, de protéger leur environnement et de promouvoir des initiatives contribuant à préserver et à améliorer leur qualité de vie.

EN Founded on 13 May 1983, the “Syndicat des Intérêts Locaux de Schrassig a.s.b.l.” is dedicated to representing the common interests of the residents of Schrassig, protecting their environment and promoting initiatives that help preserve and improve their quality of life.



Kontakt / Contact

Alphonse Klein
E: sis-schrassig@gmail.com

📍 19, Rue de Luxembourg
L-5364 Schrassig

Theaterverein Patchwork

LU De Jugendtheatergrupp Patchwork bitt Jugendlechen ab 11 Joer Raum fir sech fräi a kreativ ze entfalten. Wéi bei engem echte Patchwork-Konschtwierk füge sech bei dësem Projet ënnerschiddlech Talenter, Stiler an eegen Iddien zu engem faarwege Ganzen zesummen. Keng fix Skriptur – bei eis steet déi individuell Kreativitéit vun de Participanten am Mëttelpunkt, fir zesummen e modernen an dynameschen Theater ze konzipéieren.

Déi Jonk entscheede selwer, a wéi enge Beräicher si sech ausprobéieren a matmaache wëllen: Improvisatioun, Textaarbecht, Poetry Slam, Danz, Artistik (Poi-Jongléieren) Musek (Instrumental/ Gesang), Technik (Videoprojektionen, Licht- an Tounsteuerung), kreativ Aufgaben hannert de Kulissen

(Kostüm a Mask, Bühnenaufbau a Requisiten).

Dat kollektiiv Theaterspille férdert déi perséinlech Entwécklung a ganz vill Beräicher. D'Participantë stärken ënnert anere hier Selbstbewusstsein, léiere fräi Schwätze virun engem Publikum an erliewen echten Teamgeescht souwéi eng fest Gemeinschaft an engem sécheren a kreativen Ëmfeld.

Mir prouwen donneschdes vu 17:45 bis 19:15 Auer.

FR Le groupe de théâtre pour jeunes « Patchwork » offre aux jeunes à partir de 11 ans un espace où ils peuvent s'épanouir librement et développer leur créativité. À l'image d'un véritable patchwork, ce projet réunit différents talents, styles et idées individuelles pour créer un ensemble

riche et coloré. Ici, pas de texte imposé : la créativité de chacun est au cœur du processus, et la pièce de théâtre se construit collectivement de manière moderne et dynamique.

Les participants choisissent eux-mêmes les domaines dans lesquels ils souhaitent s'investir : improvisation, écriture de textes, poésie slam, danse, flow arts (jonglage avec poi), musique (instrumentale et chant), aspects techniques (projection vidéo, éclairage et régie son) ainsi que les activités créatives en coulisses (costumes, maquillage, décors et accessoires).

Le théâtre collaboratif favorise le développement personnel à de nombreux niveaux. Les jeunes renforcent leur confiance en eux, apprennent à s'exprimer devant un public et découvrent

l'importance de l'esprit d'équipe et du vivre-ensemble dans un cadre sûr, bienveillant et créatif.

Les répétitions ont lieu tous les jeudis de 17h45 à 19h15.

EN The youth theatre group "Patchwork" offers young people from the age of 11 a space to develop freely and creatively. Just like a real patchwork piece, this project brings together different talents, styles and individual ideas to form a colourful whole. No fixed scripts – with us, the individual creativity of the participants is at the centre of the process, as we work together to create a modern and dynamic piece of theatre.

The young people decide for themselves which areas they want to explore and participate in: improvisation, text work, poetry slam, dance, flow arts (Poi juggling), music (instrumental/vocals), technical roles (video projection, lighting, and sound control), and creative tasks behind the scenes

(costumes, make-up, set design, and props).

Collaborative theatre fosters personal development in many areas. Participants strengthen their self-confidence, learn to speak freely in front

of an audience and experience true team spirit and a strong sense of community within a safe, creative environment.

Rehearsals take place on Thursdays from 5.45 p.m. to 7.15 p.m.



Kontakt / Contact

Jo Hurt
E: patchwork.schuttrange@gmail.com

📍 Hall des Sports 1
185, Rue Principale
L-5366 Munsbach

Käschten / Coût / Cost

75€ pro Schouljoer / par
année scolaire / per school
year



